# MATDEELUNGEN - AVIS AU PUBLIC

## Taxe-Reglement iwwer d'Aféierung vun enger Touristentaxe

Geméiss de Bestëmmunge vum Artikel 82 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 gëtt dem Public matgedeelt, datt de Gemengerot a senger ëffentlecher Sëtzung den 11. Februar 2026 d'Aféierung vun enger Touristentaxe gestëmmt huet.

Vum 1. August 2026 un gëtt dës Taxe vun 1,50 € pro Persoun an Iwwernuechtung fir all Tourist vu 15 Joer un opgehuewen. Fir permanent Campere gëtt pro Joer eng Taxe vun 365€ d'Joer verrechent.

Déi entspriechend Deliberatioun gouf den 20. Abrëll 2026 duerch Groussherzoglecht Dekret geneemegt.

D'Allgemengheet kann de kompletten Text vum Reglement op der Gemeng zu Chrëschtnech wärend den Ëffnungszäiten oder op der Websäit www.waldbillig.lu consultéieren. D'Reglement ass dräi Deeg no senger Publikatioun a Kraaft getrueden.

De Schäfferot

## Règlement-taxe portant introduction d'une taxe de séjour

En exécution des dispositions de l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public que le conseil communal a approuvé en sa séance publique du 11 février 2026 l'introduction d'une taxe de séjour dans la commune de Waldbillig.

Cette taxe, d'un montant de 1,50 EUR par personne et par nuit, s'appliquera dès le 1er août 2026 à toute nuitée pour les vacanciers hébergés de 15 ans et plus. Une taxe de 365€ par emplacement et par an est applicable aux campeurs permanents.

La délibération afférente a été approuvée le 20 avril 2026 par arrêté grand-ducal (réf. FC05-2026-A099).

Le public pourra prendre connaissance du texte intégral dudit règlement à la maison communale à Christnach pendant les heures d'ouverture des bureaux ou sur le site Internet www.waldbillig.lu.

Revêtant un caractère réglementaire, le texte est devenu obligatoire trois jours après sa publication par voie d'affiche dans la commune.

Le Collège des bourgmestre et échevins

## Morcellement vun engem Terrain

De Morcellement an zwou Parzelle vum Terrain, am Kadaster agedroen ënnert der Nummer 337/4142, Sektioun B vu Waldbëlleg, ass de 25. Mäerz 2026 vum Gemengerot geneemegt ginn. Des Decisioun ass geméiss dem Artikel 82 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 publizéiert ginn an un den Inneminister geschéckt gi fir d'Publikatioun am Memorial.

## Morcellement d'un terrain

Le projet de morcellement en deux parcelles du terrain inscrit au cadastre sous le numéro 337/4142, section B de Waldbillig, a été accordé par le conseil communal en sa séance du 25 mars 2026. Cette décision a été publiée conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et transmise à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures pour publication au Mémorial.

## Verzicht op Är Rechnungen a Pabeierform

Am Sënn vun der Eco-Responsabilitéit invitéiert d'Gemengeverwaltung Iech fir drop ze verzichte fir Är Rechnunge vun der Gemeng a Papeierform ze kréien.

Fir dëst ze maachen hutt Dir d'Wiel tëscht de follgenden zwou Optiounen:

- Empfang vun de Rechnungen op eng E-Mail-Adress:
  Dofir fëllt an ënnerschreift weg. de Formulaire fir de Verzicht op Rechnungen a Papeierform, mat deem Dir der Gemengeverwaltung autoriséiert, Iech Är Rechnungen elektronesch zoukommen ze loossen amplaz vun der Pabeier-Versioun. D'Rappelle gi weiderhi per Post geschéckt. De Formulaire ass op Ufro bei der Gemengeverwaltung ze kréien oder kann um Internetsite www.waldbillig.lu ënner Bureau de la Population - Formulaires erofgeluede ginn.
- Rechnungen iwwer MyGuichet:
  Zanter dem 9. Februar ass et méiglech, Är Rechnunge vun der Gemeng direkt an Äre perséinleche MyGuichet-Beräich ze kréien, als Ersatz zum traditionelle Wee.
  Fir dës Optioun ze aktivéieren, gitt an Äre perséinleche MyGuichet-Beräich, wou Dir dofir Äert Averständnis kënnt ginn. Nom Aktivéiere ginn d'Rechnunge vun der Gemeng Iech iwwer MyGuichet zougestallt, wou se fir eng Dauer vu fënnef Joer accessibel bleiwen. Dëst Averständnis kann zu all Moment zeréckgezu ginn, fir op déi ursprénglech Verdeelermethod zeréckzekommen.

## Réception de vos factures par voie électronique

Dans un souci d'éco-responsabilité, l'administration communale vous invite à opter pour la réception de vos factures communales par voie électronique.

Pour ce faire, vous avez le choix entre les deux options suivantes :

- Réception des factures à une adresse électronique :
  À cet effet, veuillez remplir et signer le formulaire de demande de renonciation aux factures papier, par lequel vous autorisez l'administration communale à vous faire parvenir vos factures par voie électronique en remplacement de la facture en version papier. Les rappels de paiement continueront d'être envoyés par voie postale. Ledit formulaire est disponible sur demande à l'administration communale ou téléchargeable sur le site www.waldbillig.lu sous Bureau de la Population - Formulaires.

- Factures sur MyGuichet :
  Depuis le 9 février dernier, il est possible de recevoir vos factures communales directement dans votre espace personnel MyGuichet, en remplacement des voies traditionnelles.
  Pour activer cette option, rendez-vous dans votre espace personnel MyGuichet et donnez votre consentement. Dès l'activation, les factures communales vous seront désormais envoyées via MyGuichet où elles resteront accessibles pendant une durée de cinq ans. Ce consentement est révocable à tout moment pour revenir à la méthode initiale de distribution.

## Visitt vun der Sprangpressessioun

D'Gemengeverwaltung organiséiert Päischtdënschdeg, de 26. Mee 2026 fir d'Awunner aus der Gemeng Waldbëlleg e Bustransport op d'Sprangpressessioun op Iechternach.

Depart ass zu Haler bei der Schoul ëm 08:15 Auer, zu Waldbëlleg vis-à-vis vun der aler Gemeng ëm 08:23 Auer an zu Chrëschtnech bei der Kierch ëm 08:30 Auer. De Retour vun Iechternach ass fir 13:00 Auer op der Gare zu Iechternach beim Cactus virgesinn.

Well d'Unzuel vun de Plazen am Gemengebus limitéiert ass, biede mir déi Awunner, déi intresséiert si fir matzefueren, sech op der Gemeng unzemellen (Tel. 837287), bis freides den 22. Mee 2025.

## Visite de la procession dansante

L'administration communale organisera à l'intention des habitants de la commune de Waldbillig un transport en bus à la procession dansante à Echternach le mardi de Pentecôte, 26 mai 2026.

Le départ du bus aura lieu à 08.15 h près de l'école à Haller, à 08.23 h en face de l'ancienne mairie à Waldbillig et à 08.30 h près de l'église à Christnach. Le retour est prévu vers 13 heures depuis la gare routière d'Echternach, près du Cactus.

Etant donné que le nombre de places dans le bus communal est limité, les habitants intéressés sont invités à réserver leur(s) place(s) à l'administration communale (tél. 837287) pour vendredi le 22 mai 2026.

---

## Exzeptionell Fermeture

D'Büroe vun der Gemengeverwaltung bleiwen ausnamsweis donneschdes, den 21. Mee 2026 zou.

## Fermeture exceptionnelle

Les bureaux de l'administration communale resteront exceptionnellement fermés le jeudi, 21 mai 2026.